PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 26/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Wann Persounen, déi bei der CNS assuréiert sinn, eng länger Zäit krank sinn, da ginn se an de Contrôle médical geschéckt, fir sécher ze stellen, datt d'Krankheetsbild existéiert an datt d'Krankschreiwung net frauduléis ass. Domadder kënnt dem CMSS e wichtege Rôle am Geflecht vun der Sozialversécherung zou; en erméiglecht eng net virageholle Vue op en Dossier a gëtt engem weideren Dokter d'Chance, sech eng Meenung ze bilden

Grad am Beräich vun der mentaler Gesondheet ass eng Diagnos net ëmmer einfach ze treffen a kann déifgräifend Repercussiounen op d'Méiglechkeet vun enger Persoun, hire Beruff auszeüben hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ass garantéiert, datt den Employeur vun der Diagnose vum CMSS Kenntnis erhält?
2. Ass garantéiert, datt den Assuré d'Diagnos vum CMSS kommunizéiert kritt, fir esou eventuell een zweeten Avis bei sengem eegenen Dokter kënnen unzefroen?

   Falls nee, plangt de Minister dëst ze änneren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député